N°2232
Entrée le 16.05.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2232 vum 17. Abrëll 2025 vum éierewäerten Députéierten Marc Georgen**

**1. Ass et legal, Déieren ze ziichten, fir se un aner Déieren ze verfidderen?**

Jo. Am europäesche Katalog vun den Eenzelfuddermëttel (Reglement 68/2013) stinn ënner anere follgend erlaabte Produkter :

- Warembluddeg Landdéieren : dout, ganz oder Deeler dovun;
- Wirbellos Landdéieren : lieweg oder dout, an allen Entwécklungsstadien (z. Bsp. Insekten);
- Wirbellos Waasserdéieren : lieweg oder dout, ganz oder Deeler dovun, an allen Entwécklungsstadien.

Dës Eenzelfuddermëttel mussen den Ufuerderungen aus dem Reglement 1069/2009 iwwert déieresch Nieweprodukter entspriechen.

**2. Dierfen d'Déieren, déi op der Lëscht vum groussherzogleche Reglement sinn, un aner Déiere verfiddert ginn?**

**Falls jo, wat muss hei respektéiert ginn?**

Jo. Wann ee Betrib Déieren ziicht als Fuddermëttel fir aner Déieren, da muss de Betrib sech bei der ALVA als Fuddermëttelhiersteller registréieren an déi entspriechend Fuddermëttelgesetzgebung respektéieren : Hygiènesvirschrëften, Qualitéitssécherungssystem, Traçabilitéit, Kennzeechnungs-virschrëften, ... Sou wéi all Fuddermëttel mussen och d'Déieren, déi un aner Déiere verfiddert ginn, all déi gülteg Grenzwäerter bei onerwënschte Stoffer an all déi gülteg mikrobiologesch Grenzwäerter anhalen.

D'Déierenhaltung muss konform zum Déiereschutzgesetz sinn.

**3. Wéi vill Autorisatioune fir d'Zuucht vun Déiere sinn de Moment insgesamt ausgestallt?**

**Wéi vill vun dësen Autorisatioune betreffen d'Zuucht vun Déiere fir Verfidderungszwecker?**

D'Zuucht vun Déieren ass am Art.6(2) 2 + 3 vum Déiereschutzgesetz gereegelt. Just d'Zuucht vun Hënn a Kazen ënnerläit enger Autorisatioun. De Moment ginn et 59 Autorisatioune fir d'Zuucht vun Hënn oder Kazen zu Lëtzebuerg.

D'Fuddermëttelgesetzgebung gesäit fir Betriber déi Déiere fir Verfidderungszwecker ziichten keng Autorisatioun, mee eng Registréierung vir. Momentan ass zu Lëtzebuerg kee Betrib als Ziichter vun Déiere fir Verfidderungszwecker registréiert.

**4. Ass gewosst, wéi vill Déiere fir Verfidderungszwecker a Lëtzebuerg importéiert ginn?**

Op Lëtzebuerg gi keng Déiere fir Verfidderungszwecker aus Drëttstaaten importéiert. D'Liwwerung vu Fuddermëttel aus aneren EU-Staaten ass keen Import wéinst dem gemeinsamen europäesche Bannemaart. Déi grenziwwerschreidend Liwwerungen um Bannemaart mussen net ugemellt ginn, dofir ginn et keng Informatiounen ob a wéi vill Déiere fir Verfidderungszwecker op Lëtzebuerg geliwwert ginn. Bei de Fuddermëttelkontrolle gesinn d'Inspektere vun der ALVA, dass verschidde Fuddermëttelhändler déifgefrueren Déiere wéi Raten, Mais oder Fësch als Fudder fir Reptilie verkafen.

Lëtzebuerg, den 14. Mee 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau